N°4534
Entrée le 24.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.07.2026
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Een Artikel op der Plattform G*Konline.* kommentéiert d'Uerteel vun der Cour d'Appel vum 3te Juni 2026 an der Affär RTL-Lunghi. An dësem Geriichtsprozess, dee bal 10 Joer gedauert huet (!) sinn déi fréier RTL-Journalisten souwéi den deemolegen RTL-Direkter komplett fräigesprach ginn.

Am Artikel ginn des Weideren d'Feststellunge vun der Cour d'Appel an dësem Uerteel thematiséiert. D'Cour d'Appel huet explizit zeréckbehalen, dass duerch dem Regierungskommissär säin Drock an Handelen d'Recht op eng adequat Verdeedegung, nom Artikel 6 vun der Mënscherechtskonventioun, net respektéiert gouf.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäerten d'Regierung oder d'Justizautoritéiten eng Disziplinarenquête géint de fréiere Regierungskommissär an d'Weeër leeden, fir ze klären, ob et zu Verstéiss géint seng beruffflech Flichte oder géint de Prinzip vun der Neutralitéit an Onparteilechkeet komm ass?

2. Sinn d'Regierung oder d'Justizautoritéiten bereet, fir eng onofhängeg administrativ Enquête anzeleeden, fir d'Roll vum Rapport Deischter an dëser Affär genee ze analyséieren?

3. Ass d'Regierung der Meenung, datt an esou engem Fall och d'institutionell Responsabilitéiten analyséiert solle ginn, wann eng Prozedur iwwer bal zéng Joer op engem Rapport opgebaut war, deen herno vum Geriicht net méi als valabel Grondlag ugesi gouf?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Goufen et an der Vergangenheet ähnlech Fäll, an deem den Artikel 6 vun der Mënschderechtskonventioun net respektéiert gouf? Falls jo, wéi vill an deene leschten 10 Joer?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

piraten.lu

N°4533
Entrée le 24.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.07.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Den 3te Juni ass,no ronn 10 Joer (!), dat endgültegt Geriichtsuerteel an der Affär Lunghi geschwat ginn. An dësem Uerteel sinn déi fréier RTL-Journalisten souwéi den deemolegen RTL-Direkter komplett fräigesprach ginn. Dësen aussergewéinlech laange Geriichtsprozess vu ronn 10 Joer war virun allem fir déi elo fräigeschwate Persounen eng schwiereg Situatioun, déi vill Energie a Liewensjoren kascht huet.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°3129 huet de Minister mir folgend Informatiounen zu dësem Dossier geliwwert:

"*Allgemeng ass et esou, dass e perséinleche Feeler vun engem Agent dozou féiert, dass de Staat vu senger Protektiounspflicht entbonnen ass. An deem Fall mussen d'Affekotekäschten zeréckbezuelt ginn.*"

Am Rapport d'Activité, op deen de Minister a senger Äntwert verweist, steht:

"*En 2024, 28 demandes d'assistance juridique ont été introduites (article 32(4) de la loi modifiée du 16 avril 1979). Une somme totale de 144 466,36 € a été payée dans ce contexte, notamment pour couvrir des frais d'avocat.*"

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Bewäert de Ministère d'Geriichtsuerteel als Néierlag?
   - Falls jo, wäert de Staat d'Affekotskäschten erëmfroen?
   - Falls nee, wéi héich sinn déi vum Staat gedroe Käschten am Zesummenhang mat den Affekote vum Ex-Generaldirekter?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés